DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 25. Februar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

*„ Wärend der éischter Impfphase krute Professioneller aus dem Gesondheetssecteur hir éischt Impfung géint de Covid-19 an der Victor-Hugo-Hal um Lampertsbierg.*

*Elo ass mir zougedroe ginn, datt och déi zweet Impfung fir dës Leit an der Victor-Hugo-Hal administréiert muss ginn. Fir Awunner aus dem Nordbezierk ass dat mat engem groussen Zäitopwand verbonnen, well se änner Ëmstänn laang Weeër mussen op sech huelen.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froe stellen:*

– *Wier d'Madamm Ministesch bereet Ännerunge virzehuelen, esou datt d'Leit aus dem Norden hir zweet Impfung am neien Impfzentrum zu Ettelbréck kéinte kréien?*
– *Ass et virgesi fir weider Impfzentren an der Nordspëtzt oder am Nordweste vum Land opzemaachen fir de Bierger méi kuerz Deplacementer z'erméiglechen? "*

Mat héiflecher Gréiss,

André BAULER
Deputéierten